N°6567
Entrée le 02.09.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Réponse de Madame la Ministre de la Justice Sam Tanson et de Monsieur le Ministre de la sécurité intérieure, Henri Kox, à la question parlementaire n°6567 du 28 juillet 2022 de l'honorable député Laurent Mosar relative à la fraude à l'investissement dans le cannabis thérapeutique

1. **Kann d'Regierung bestätegen, dat et bei der Entreprise Juicy Fields zu Onreegelméissegkeeten komm ass?**

   Et ass zu dësem Zäitpunkt nach ongewëss ob et bei der Entreprise Juicy Fields effektiv zu Onreegelméissegkeete komm ass. Aktuell ass eng Enquête penale amgaangen, wou d'Justizautoritéiten notamment och op Informatiounen aus dem Ausland ugewisen sinn. Well et sech hei ëm eng lafend Enquête handelt kënne momentan keng weider Detailer zu der Affär geliwwert ginn.

2. **Sinn och Investisseuren aus Lëtzebuerg betraff? Wa jo, wéi vill? Wéi vill Plainten sinn bis ewell zu Lëtzebuerg an deem Zesummenhang gemaach ginn?**

   Jo, et sinn Investisseuren aus Lëtzebuerg betraff. Stand 16.08.2022 ass säitens der Justice vun 10 Persoune gewosst déi och eng Plainte gemeet hunn, allerdéngs kéint et sinn, dat nach méi Leit leeséiert sinn, déi awer bis elo nach keng Plainte gemeet hunn.

3. **War d'Regierung au courant, dat déi däitsch Bundesanstalt für Finanzdienstleistungsaufsicht BaFin ewell den 3. Juni 2022 Investitiounen bei der Juicy Holdings V., Amsterdam, Niederlande, verbueden huet, well d'Firma géint dat däitscht Vermögensanlagengesetz verstouss huet? Wa jo, wat huet d'Regierung doropshin ënnerholl?**

   An engem Communiqué vum 1. August huet d'CSSF d'Ëffentlechkeet doriwwer informéiert, dass hinnen d'Firma Juicy Fields net bekannt ass an dëss Firma zu kengem Moment eng Ufro fir eng Autorisatioun agereecht huet.

_____

Lëtzebuerg, den 2 September 2022.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson